ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de ~~15~~ 20. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ekonomie weiderzeleeden.

2018 huet Arcelor-Mittal säi Stolwierk zu Diddeleng op Drock vun der EU-Kommissioun misse veräusseren. D'Wierk gouf schliisslech vum brittesch Konzern "Liberty Steel" iwwerholl. Säit der Faillite vu sengem wichtege Créancier, der "Greensill Capital" Bank huet den neie Proprietaire vum Diddelenger Stolwierk awer ëmmer méi mat Finanzéierungsschwiregkeeten ze kämpfen. D'britesch Regierung huet schonn Enn Mäerz annoncéiert, datt si der Firma nët well hëllefen. Wéi dunn am Artikel "das Kartenhaus wackelt" deen de 15. Abrëll am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, ze liese war, steet Liberty Steel entretemps och selwer ënnert dem Verdacht vu finanziellem Bedruch. Déi 2018 ugekënnegt Investitiounen an d'Wierk zu Diddeleng goufe par konter net realiséiert.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Minister fir d'Ekonomie:

1) Wéi stoung d'Lëtzebuerger Regierung 2018 zum politesch forcéierte Verkaf vum Diddelenger Stolwierk?
2) Krut de Lëtzebuerger Staat am Kader vum Verkaf vum Diddelenger Stolwierk 2018 konkret Garantien iwwer den Erhalt vun Aarbechtsplazen an Investitiounen vu Säite vu Liberty Steel, respektiv der EU? Wa jo, wéi eng Konsequenze ware fir de Fall virgesinn, datt des Garantien net agehal ginn? Wann net, firwat net?
3) Wéivill Lëtzebuerger Residente a Frontalieren sinn aktuell am Wierk zu Diddeleng beschäftegt?
4) Den LCGB gesäit opgrond vun der schwiereger finanzieller Situatioun vun der Proprietairesgesellschaft keng Alternativ méi zu enger Interventioun vum Staat, fir d'Wierk ze erhalen. Entsprécht des Haltung och der Positioun vun der Regierung?
5) Steet d'Regierung aktuell am Kontakt mat de britteschen Autoritéite, fir sech iwwer d'Zukunft vu Liberty Steel auszetauschen?
6) Gesäit d'Regierung eng Méiglechkeet fir d'Europäesch Kommissioun an dëser Affaire haftbar ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten